LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 27 FEV. 2020

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
27 FEV. 2020

Service central de législation
Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet : Question parlementaire n°1715 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°1715 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable,

Carole Dieschbourg

Adresse postale
L-2918 Luxembourg

Tél. (+352) 247-86824
Fax (+352) 400 410

4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

www.emwelt.lu
www.gouvernement.lu

Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°1715 vum 14. Januar 2020 vum éierbaren Deputéierten Här Fernand Kartheiser betreffend "Travaux illégaux dans la zone verte "um Hutbierg" à Tétange"

Kann d'Madame Ëmweltministesch déi Informatioun confirméieren, datt illegal Bauten an enger Zone verte duerch e lokale Fieschter opgeriicht goufen?

Um Site vum Hutbierg, dee säit dem Joer 1870 als Minière exploitéiert ginn ass, huet de Fierschter 4 Constructiounen opgeriicht ouni déi néideg Naturschutzautorisatioun unzefroen, an zwar an de Joren 2004 bis 2016. Et handelt sech bei de Constructiounen em een Entrepot, zwou Halen an een oppen Lager, déi zesummen den regionalen Holzhaff bilden. Déi Konstruktiounen sinn laut Naturschutzgesetz op dësem Site autorisabel, och wann dëst net entschëllegt, datt se ouni Autorisatioun opgeriicht goufen.

Wa jo, wéi ass et méiglech, datt all déi iwwergeuerdent Instanzen, notamment den Arrondissement Sud an d'Direktioun vun der ANF, dëse grave Verstouss net bemierkt hunn, ëmsou méi well jo d'Halen an enger Naturschutzzon leien?

D'Naturverwaltung huet direkt eng intern Enquête an d'Weeër geleet fir dëst ze klären. Dobäi huet sech erausgestallt dass notamment d'Arrondissement Sud senger Opsiichtspflicht an dësem Fall net nokomm ass.

En internen Audit vun der Verwaltung soll hëllefen esou Faillen an Zukunft auszeschléissen.

Beim Opriichte vu Lagerhalen duerch de Staat musse jo nieft den néidegen Autorisatiounen och déi néideg Budgete virleien. Wéi ass et méiglech, datt beim Opstelle vum Budgetsprojet fir dëse Site keen an der zoustänneger Verwaltung an am Ministère sech Froen zu den Autorisatioune gestallt huet?

Budgetsprozedur an Autorisatiounsprozedur si komplett vuneneen getrennt. D'Autorisatiounspflicht ass net agehale ginn. Déi interne Enquête huet erginn, datt déi budgetär Prozeduren integral agehale goufen.

Kann d'Madame Ëmweltministesch soen, ob déi Prozedur, déi anscheinend elo um Hutbierg praktizéiert gëtt, also datt en illegale Bau einfach kann a posteriori regulariséiert ginn, elo fir jidderee gëllt? Konstruktiounen an der Zone verte betreffe virun allem haaptberufflech Bauerebetriber, déi jo ënnert den Art. 6 vum Naturschutzgesetz falen an de facto autorisabel sinn. Vu datt jo all Bierger virum Gesetz glaich sinn, wéi ass d'Positioun vun der Regierung zu dar Fro?

Et kënnen just déi Bauten regulariséiert, d.h. nodréiglech autoriséiert ginn, déi konform sinn zum Gesetz. Des Reegel gëllt fir all Bierger a fir all Betrib, ob privat oder ëffentlech.

Dem Gesetz no kënnen net nömmen Konstruktiounen am direkten Zesummenhang matt der professioneller Landwirtschaft autoriséiert ginn, mee och am professionnelle Gardebau, Geméisbau a Wäibau, an och fir d'Bëschbewirtschaftung.

D'ANF géréiert eise ganzen ëffentlechen Bësch an dierf ennert bestëmmten Konditiounen Konstruktiounen fir d'Bëschbewirtschaftung oprichten.